N°5349
Reçue le 06.12.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 06.12.2021

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/12/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.**

Am Summer vun dësem Joer huet d'EU-Kommissioun d'Memberstaaten am Dossier iwwert d'Vorratsdatespäicherungen ëm Stellungname gebieden.
Konkret goung et ëm d'Fro, wéi eng vun de folgenden Optiounen de Staaten am passendsten erschénge géifen, fir sech den Urteeler vum Europäesche Geriichtshaff ze konforméieren:

- *Policy approach 1: no EU initiative*
- *Policy approach 2: Non-regulatory initiative on data retention (i.e. recommendation or guidance from the Commission)*
- *Policy approach 3: regulatory initiative on data retention*
  *Approach 3(a): generalised retention of traffic and location data for national security purposes*
  *Approach 3(b): targeted data retention of traffic and location data for serious crime and serious threats to public security (and, a fortiori, safeguarding national security)*
  *Approach 3(c): expedited retention (quick-freeze) of traffic and location data for serious crime and the safeguarding of national security*
  *Approach 3(d): generalised retention of IP addresses assigned to the source of an Internet connection for serious crime and serious threats to public security*
  *Approach 3(e): generalised retention of civil identity data to fight crime and public security threats in general*

Lëtzebuerg huet sech a senger Äntwert un d'Kommissioun, déi vu *statewatch.org* publizéiert gouf, fir d'Approche N°3 ausgeschwaat, awer ouni weider drop anzegoen, ob d'Optioun a, b, c, d oder e favoriséiert géif ginn.

An deem Zesummenhang wéilte mir der Ministesch dës Froe stellen:

1. Firwat huet d'Regierung net vun der Chance profitéiert, hir Meenung der Kommissioun méi detailléiert duerzeleeën?
2. Wéi steet d'Regierung zu de Proposen 3(a)-(e)?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député

GOERGEN Marc

Député